LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Luxembourg, le 7 septembre 2017
Réf. N° QP -39/17

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
L-2450 Luxembourg

Objet : Question parlementaire n°3204 du 7 août 2017 de l'honorable Député Fernand Kartheiser

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe notre réponse commune à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

Félix Braz
Ministre de la Justice

13, rue Erasme
L-1468 Luxembourg-Kirchberg

Tél. (+352) 247-84537
Fax (+352) 26 68 48 61

Adresse postale:
L-2934 Luxembourg

info@mj.public.lu
www.gouvernement.lu

Réponse commune de Monsieur le Ministre de la Justice, de Madame la Ministre de l'Égalité des Chances et de la Santé, et de Madame la Ministre de la Famille et de l'Intégration à la question parlementaire n° 3204 de l'honorable Député Fernand Kartheiser

1) ***Goufe bis haut Fäll gemellt oder bekannt, bei deenen eng Beschneidung vum weibleche Genitalorgan, vu Mediziner oder vu Privatleit, zu Lëtzebuerg praktizéiert gouf? Wa jo, wéi vill sinn dat der ?***

Bis haut sinn weder de Justizautoritéite nach den Gesondheetsautoritéite Fäll bekannt wou Beschneidungen vun weiblechen Genitalorganer vu Medeziner oder vu Privatleit hei zu Lëtzebuerg sollten praktizéiert ginn sinn.

2) ***Presseberichter iwwer d'Evolutiounen am Zesummenhank mat der Migratiounskris an Däitschland behaapten, datt eng Rees an d'Heemechtsland ka genotzt ginn, fir esou Prozeduren duerchféieren ze loossen. Wat geschitt an deem Fall, wou dëst duerch kloer Signaler am Schoulëmfeld oder an ëffentleche Betreiungstrukure festgestallt gëtt ? Ass d'Personal fir dëse Sujet sensibiliséiert a sinn si verpflicht esou Fäll ze signaliséieren? Wann si esou e Fall mellen, wat geschitt dann ?***

No eiser Gesetzgebung hei am Land, war et den Magistraten nach ëmmer erlaabt all Formen vun Mutilatioun strofrechtlech ze verfollegen. Mir verweisen hei op den Artikel 400 vum Code pénal.

Am Kader vun der Ratifikatioun vun der Istanbul Konventioun, ass d'Regierung elo op den Wee gaangen Mutilatioun vun weiblechen Genitalorganer explizit, als eegestänneg Infraktioun, ze bestrofen. Mir verweisen hei op den Gesetzesprojet n° 7167, deen den 10. August deposéiert ginn ass.

D'Personal an esou Strukturen ass sensibiliséiert a wann en deementspriechende Verdacht op en Gesetzesverstouss virläit, gëtt dee Verdacht dem Parquet gemellt.

D'Signalement vun engem Mannerjäregen deen an Gefor ass kann sou gutt dem Jugendriichter wei och dem Parquet gemellt ginn. Schutzmoossnamen ginn vum Jugendgeriicht geholl. Iert eng adaptéiert Moossnam kann geholl ginn, freet den Jugendriichter respektiv den Parquet komplementar Informatiounen iwwert den Mannerjäregen, entweder bei der Police, a Form vun engem "rapport de moralité", oder beim "Service central d'assistance sociale", a Form vun enger "enquête sociale", un.

D'ONGen déi mam Chancëgläichheetsministère konventionéiert sinn, hun souwuel Berodungsservicer wei och Betreiungsstrukturen fir Fraen a Männer a Nout, mat oder ouni Kanner. Iwwert des Strukturen ginn prioritär Affer vun haislecher Gewalt, awer och Affer vun allen Formen vu Gewalt déi sech op d'Geschlecht bezitt, ofgedeckt. Dorënner falen och weiblech Affer vun Beschneidungen.

Am Kader vun hiren Prestatiounen mussen déi eenzel Gestionnairen souwuel fir d'Gläichheet zwëschen Fraen a Männer agéieren, wéi och fir d'Bekämpfung géint all Formen vun Diskriminatiounen zwëschen Fraen a Männer, an deemno och géint all

Gewaltformen präventiv an kurativ agéieren. Nieft der Betreiung vun den Affer, mussen sie och iwwert déi negativ Stereotypen an schiedlech Praktiken, Coutumen an Traditiounen opklären an aktiv sensibiliséieren. D'Personal ass deementspriechend am Beräich vun allen Formen vu Gewalt, y compris Mutilations génitales féminines, forméiert.

3) ***Ass de Gynekologen an aneren Dokteren hei am Land verséchert, datt si – wann si constatéieren, datt hir Patientin an deem Fall ass – esou ee Fall signaliséiere kënnen, ouni mat hire gesetzlechen Verpflichtungen a Konflikt ze geroden?***

Wann e Gynekolog oder en aneren Dokter feststellt dat esou Praktiken hei am Land duerchgefouert ginn, ass en verflicht dat ze mellen. Dat verstéisst net géint seng gesetzlech Verflichtungen an ass eng gesetzlech Obligatioun.

4) ***Goufen Gynekologen hei am Land an deem Kontext fir dëse Sujet sensibiliséiert ? Wann nee, gesäit d'Regierung hei eng Noutwendegkeet ?***

D'Associatioun vun de Gynekologen an de Planning Familial hu Sensibiliséierungscampagnen zu deem Sujet duerchgefouert.

De Conseil National des Femmes au Luxembourg (CNFL) huet eng Broschür « NON aux mutilations génitales des femmes » erausginn, zesummen élaboréiert mam Chancëgläichheetsministère, dem Gesondheetsministère, d'ASBL Initiativ Liéwensufank an dem Planning Familial, déi um Internetsite SantéLu ze fannen ass : http://www.sante.public.lu/fr/publications/n/non-mutilations-genitales-femmes/non-mutilations-genitales-femmes.pdf. Des Publikatioun riicht sech un de groussen Public a kläert iwwert d'Existenz, d'Definitiounen, d'Incriminatioun an d'Risikopopulatioun zu Lëtzebuerg an am Ausland vun der Beschneidung vun den weiblechen Genitalorganer op.

De 6ten Februar ass all Joer weltwäit eng *Journée internationale contre les mutilations génitales*.

5) ***Gouf dru geduecht, den Elteren, deenen hiert mannerjäregt Meedchen – an där Zäit, an där et hei am Land lieft – Affer vun esou enger Genitalverstümmelung gëtt, d'Garde vum Mannerjäregen ofzehuelen?***

Eng Décisioun iwwer d'Garde vu Mannerjäregen ënnerläit der Kompetenz vum Jugendriichter deen an aller Onofhängegkeet vun anere Staatsgewalten handelt.

6) ***Lafen hei am Land Opklärungscampagnen zum Sujet Genitalverstümmelung, déi sech spezifesch un Migranten an un d'Flüchtlinge riichten? Wann net, sinn der da geplangt a gëtt et schon e Konzept dofir?***

Esou Informatiounen sinn Deel vum allgemengen Opklärungsprogramm fir Asylbewerber an déi ënner Punkt 4 ernimmte Campagnen ginn och op déi Themen ausgedehnt.

Mir verweisen ënnert anerem hei op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro n° 2752 vum 08.02.2017 vun der Madame Nancy Arendt :

« Est-ce que des campagnes de sensibilisation sont menées dans les foyers d'accueil auprès de la population concernée pour lutter et éviter ces pratiques et prendre en charge les victimes ?

Avant l'afflux massif de 2015, les demandeurs de protection internationale arrivés au Luxembourg étaient majoritairement originaires des Balkans et le problème des mutilations génitales féminines ne se posait pas. Il n'y a donc pas eu de campagne spécifique menée dans les structures d'hébergement pour DPI.

Depuis l'afflux massif de 2015, la situation a changé ; les femmes originaires de pays comme l'Erythrée, la Somalie ou l'Irak sont plus exposées à des risques de mutilations génitales féminines. C'est pourquoi, l'OLAI est en train de développer une formation, en coopération avec le « Groupe pour l'Abolition des Mutilation Sexuelles Féminines (Belgique) », formation qui est destinée aux assistants sociaux et aux éducateurs qui accompagnent les demandeurs de protection internationale ainsi qu'aux collaborateurs du Ministère de la Santé. L'objectif de cette coopération est de développer des outils de sensibilisation pour les professionnels concernés. »

Zenter dëser Äntwert sinn déi Formatiounen organiséiert ginn, an eng Majoritéit vu de Mataarbechter vum OLAI huet drun deelgeholl. Weider Sessioune ginn an de nächste Wochen a Méint organiséiert.

D'Bekämpfung an d'Präventioun vun den Beschneidungen vun den weiblechen Geschlechtsorganer sollen och am Kader vum „Programme national de promotion de la santé affective et sexuelle" thematiséiert ginn, deen 2013 vun 4 Ministèren (de Gesondheetsministère, de Chancëgläichheetsministère de Familljeministère an den Erzéiungsministère) ausgeschafft ginn ass. Den Gesondheetsministère huet de Lead. Et ass prioritär dat all d'Erwuessen an all Kanner vum jéngsten Alter un op déi sexuell an affektiv Sexualitéit ze informéieren an ze erzéien am Hibléck op

- psychesch a physesch Integritéit,
- der Gläichheet zwëschen Meedercher a Jongen, Fraen a Männer,
- respekt- an verantwortungsvoll Relatiounen zwëschen Meedercher a Jongen, Fraen a Männer.

Jiddwereen soll e Recht hunn op eng gesond an verantwortungsvoll Sexualitéit an op den Accès op eng sexuell an affektiv Erzéiung.

De Programm soll och zu engem Mentalitéits- an Verhalenswiessel féieren, deen sexuell a relationell Gewalt, Gewalt déi sech op d'Geschlecht bezitt, an all aner schiedlech Praktiken an Traditiounen, wéi z.B. d'Mutilatiounen, bekämpft.